LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

ILRES

LISER Luxembourg Institute of Socio-Economic Research

Cerema CLIMAT & TERRITOIRES DE DEMAIN

# Informatiounsblat

## Ëmfro Luxmobil 2025 Frontalieren

### 1. Wat ass d' Ëmfro Luxmobil 2025 Frontalieren ?

D'Ëmfro „Luxmobil 2025 Frontalieren" geschitt op Initiativ vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbecht vum Groussherzogtum Lëtzebuerg (am Follgenden „de Ministère"). Si ass d'Suite vun der Mobilitéitsëmfro déi ënnert de Lëtzebuerger Awunner duerchgefouert gouf. Si ass néideg fir datt de Ministère seng Missioun fir d'Planifikatioun vun der Mobilitéit erfëlle kann, andeems en d'Indicateure vun de Frontalieren hirem Mobilitéitsverhalen an hire Mobilitéitsbesoinen ophëlt.

D'Participatioun vun den ausgewielte Persounen ass wichteg, egal wat hir Gewunnechte bei den Deplacementer sinn. Et ass och eng eenzegaarteg Geleeënheet, déi dofir suergt, datt hir eegen Erfarunge bei de Resultater vun der Ëmfro zielen, an domat och an den Decisioune, déi an Zukunft beim Thema Mobilitéit geholl ginn.

Fir dës Ëmfro ze realiséieren, musse perséinlech Donnéeën traitéiert ginn, dat heescht Informatiounen iwwer natierlech Persounen, déi kennen identifizéiert ginn.

### 2. Wat fir Zwecker gi mat der Luxmobil 2025 Frontalieren verfollegt?

D'Koalitiounsofkommes 2023-2028 huet d'Ambitioun, eng effikass Planifikatioun an Evaluatioun vun der Mobilitéit an der Transportpolitik ze garantéieren:

- d'Entwécklung vum nationalen an internationalen Eisebunnsnetz.
- d'Entwécklung vun de Corridors à haut niveau de service (CHNS) fir d'Bussen an d'Optimiséierung vum Bustransport, virun allem an de ländleche Regiounen.
- d'Entwécklung vum Tram, virun allem vum „séieren Tram".
- d'Schafe vu P&R-Parkingen an d'Reduktioun vum Verkéier iwwer d'Grenz vun de Frontalieren.
- d'Analys vun enger méiglecher Erweiderung vun den Autobunnen ëm eng 3. Pist nëmme fir Bussen a Covoiturage.
- Analyse fir eventuell zousätzlech Zuch- oder Tramsstrecken.

Fir dës Erausfuerderungen ze bewältegen ass d'Mobilitéitsëmfro Luxmobil 2025 Frontalieren onerlässlech, fir representativ an aktualiséiert Erkenntnisser iwwer d'Mobilitéitsverhale vun de Frontalieren, déi zu Lëtzebuerg schaffen, ze gewannen.

Dat gëllt ëmsou méi, well d'Bevëlkerung an d'Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg zënter 2017 (Datum vun der leschter Luxmobil 2025 Frontalieren-Ëmfro) weider staark zougeholl hunn, wärend Krisen (Pandemie, Inflatioun) an d'substanziell Verbesserung vun der Offer vum

ëffentlechen Transport (Tram, neit RGTR-Netz, nei CFL-Offeren, ëffentlechen Transport gratis asw.) vill Verhalensweisen am Zesummenhang mat der Mobilitéit (deelweis staark) verännert hunn (Teletravail, Beléiftheet vum Vëlo am Alldag asw.).

Déi am Kader vun däser Ëmfro erhuewen Informatioune sollen de politeschen Decideuren dobäi hëllefen, fundéiert Decisiounen ze treffen a Léisunge fir de Frontalieren hir Deplacementsproblemer ze fannen. Si déngen enger besserer Planifikatioun an erlaben eng effizient Bewäertung vun der Mobilitéit an dem Mobilitéitsverhalen, an zwar duerch:

- d'Elaboratioun vum nächste PNM mat aktualiséiert Donnéeën zur Nofro.
- d'Evaluatioun vun den Auswierkunge vun der Transportpolitik, déi ëmgesat gëtt.
- e bessert Verständnis vun der Entwécklung vun de Verhalensweisen (COVID, Teletravail, Notze vum Vëlo asw.).
- d'Alimentatioun vun de multimodale Verkéiersmodellen.
- d'Beobachtung vun de Facteuren, déi d'Mobilitéitsbesoinen definéieren (Lokaliséierung vun de Wunnuerter, Aarbechtsplazen an anere wichtege Punkten, sozio-ekonomesch Situatioun vun de Leit, déi sech deplacéieren, an hir Kapazitéit, verschidde Mobilitéitsofferen ze notzen).

**3. Wéi sidd Dir fir d'Participatioun ausgewielt ginn?**

D'Participante ginn unhand vun der Datebank vum Centre Commun de la Sécurité Sociale (CCSS)selektionéiert. De Centre des technologies de l'information de l'Etat (CTIE) huet de Leit eng Invitatioun geschéckt, ouni hir Donnéeën un Drëttpersoune weiderzeleeden: Weder de Ministère nach ILRES hunn Zougrëff op hir Hausadress.

**4. Wie ka matmaachen?**

Nëmmen déi Leit, déi eng Invitatioun kritt hunn, dierfe matmaachen.

**5. Wien ass responsabel fir den Traitement vun den Donnéeën a wien ass un dem Traitement bedeelegt?**

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte vum Groussherzogtum Lëtzebuerg ass déi Verantwortlech fir den Traitement vun deene fir dës Ëmfro néidege perséinlechen Donnéeën:

Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte vum Groussherzogtum Lëtzebuerg
4, place de l'Europe, L-1499 Lëtzebuerg
https://mmtp.gouvernement.lu/fr.html / Tel.: (+352) 247-82478
Säin Dateschutzbeoptraagte kënnt Dir ënnert tr.dpo@mmtp.etat.lu kontaktéieren.

Fir d'Sammlung vun den Donnéeën duerchzeféieren, huet de Ministère dräi Sous-traitanten beoptraagt, déi d'perséinlech Donnéeën, déi fir dës Ëmfro noutwenneg sinn, no sengen Instruktiounen a wéi an däser Informatioun beschriwwen traitéieren:

**a)** De Centre d'études et d'expertise sur les risques, l'environnement, la mobilité et l'aménagement (Zenter fir Etüden an Expertis am Bezuch op Risikoen, d'Ëmwelt, d'Mobilitéit an den Amenagement), mat Sëtz zu F-69500 Bron, Cité des mobilités, 25, avenue François Mitterrand, am Follgenden de „CEREMA".

Als Expert fir déi vum Ministère fir dës Mobilitéitsetüd ausgewielte Method (EMC²) huet de CEREMA virun allem d'Aufgab, dofir ze suergen, datt d'Phase fir d'Sammele vun den Donnéeën aus der Ëmfro richteg duerchgefouert gëtt an d'methodologesch Ufuerderunge respektéiert ginn. Méi Informatiounen iwwert de CEREMA fannt Dir op: https://www.cerema.fr/fr

**b)** D'Firma ILRES S.A., mat Sëtz zu L-8070 Bartreng, 41, rue du Puits Romain.

ILRES ass ee vun deene gréissten Ëmfro-Instituter am Groussherzogtum Lëtzebuerg. En ass vum Ministère beoptraagt, déi 2.240 Interviewen duerchzeféieren, déi fir dës Ëmfro néideg sinn. Méi Informatiounen iwwert den ILRES fannt Dir op: https://www.ilres.com/

**c)** De Luxembourg Institute of Socio-Economic Research mat Sëtz zu L-4366 Esch-Uelzecht, 11, Porte des Sciences, am Follgenden de „LISER".

De LISER ass en ëffentleche Fuerschungszenter ënnert der Opsiicht vum lëtzebuergesche Ministère fir Héichschoul a Fuerschung. De LISER beschäftegt sech mat de Sozialwëssenschaften an ënnerstëtzt d'Zivilgesellschaft, andeems en derzou bäidréit d'wëssenschaftlech Kenntnisser a Beräicher, déi mat de Liewensbedingungen, dem Aarbechtsmaart a mat der städtescher Entwécklung a Mobilitéit zesummenhänken, weider ze entwéckelen. Am Kader vun dësem Projet suergt e virun allem dofir, d'Method vun der Ëmfro richteg un d'lëtzebuergesch Spezifizitéiten unzepassen a kontrolléiert hir korrekt Ëmsetzung. Méi Informatiounen iwwert de LISER fannt Dir op: https://www.liser.lu/

## 6. Wat fir perséinlech Donnéeë ginn traitéiert an zu wat fir engem Zweck?

An dësem Zesummenhang ginn déi follgend Informatiounen traitéiert:

a) Vum CTIE traitéiert Informatiounen:

- Numm, Virnumm an Hausadress, fir Iech d'Invitatioun a gegeebenefalls e Rappel zoukommen ze loossen.
- De Code, deen Iech zougewise gouf an an der Invitatioun uginn ass: Dëse Code déngt derzou, sécherzestellen, datt sech just invitéiert Persounen iwwer den Online-Formular umellen, an erméiglecht, tëschent Persounen, déi sech iwwer dëse Formular ugemellt oder d'Participatioun ofgeleent hunn, a Persounen, déi net op dee Courrier reagéiert hunn, ze ënnerscheeden. Nëmmen déi

leschtgenannt Persoune kréien e Rappel, well ILRES déi betreffend Coden un de CTIE iwwermëttelt.

b) Bei der Umeldung iwwer den Online-Formular gefroten Informatiounen:

- Äre perséinleche Code, deen an der Invitatioun uginn ass.
- Ären Accord oder Äre Refus fir matzemaachen.
- Fir déi Persounen, déi enger Participatioun zoustëmmen:
  - ✓ Telefonsnummer, ënner där ILRES se uruffe kann, souwéi den Numm an/oder Virnumm, wann et sech ëm eng Festnetznummer handelt.
  - ✓ Wunnsëtzgemeng an Ausübung oder Netausübung vun enger berufflecher Tätegkeet zu Lëtzebuerg: Dës Informatioune sinn néideg, fir ze iwwerpréiwen, ob dir nach ëmmer zu deene Persoune gehéiert, déi befrot solle ginn.
  - ✓ Geschlecht, Altersgrupp a Gemeng vun der Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg: Dës Informatioune gi fir d'Gestioun vum Echantillon gebraucht, deen an Hisiicht op dës Krittären equilibréiert a representativ bleiwe muss.
  - ✓ Gegeebenenfalls de perséinleche Code, deen engem Member vun Ärem Stot zougewise gouf, dee schonns bei der Ëmfro matgemaach huet: Wann en anere Member vun Ärem Stot schonns un der Ëmfro deelgeholl huet, benotzt ILRES dëse Code, fir Iech d'Froen zu Ärem Stot net nach eng Kéier ze stellen, well en anere Member vum Stot déi Froe scho beäntwert huet an dës mat deem sengem Participatiounscode verknäppt goufen.

c) Am Laf vum Telefonsinterview zur Verfügung gestallten Informatiounen:

Dës Informatioune betreffen esouwuel d'Participantë wéi och d'Membere vun Ärem Stot:

- D'soziodemographesch Donnéeë vun de Participanten, hirem Stot an alle Persounen, déi zu deem betreffende Stot gehéieren, fir a Funktioun vun deene verschiddene Profiller a Typpe vu Stéit Kräizanalysen duerchféieren ze kënnen.

- Informatiounen iwwer d'Fortbeweegungsmëttel vun den eenzele Membere vum Stot (Unzuel vun Autoen, Unzuel vu Vëloen asw.), fir dës bei der Analys vum Mobilitéitsverhale berücksichtegen ze kënnen.
- Informatiounen iwwer d'Deplacementer vun de Participanten, fir hir Deplacementsgewunnechten ze analyséieren.
- Den Enregistrement vum Interview, mam Accord vum jeeweilege Participant, fir datt LISER a CEREMA dës Interviewen nach eng Kéier oflauschteren an iwwerpréiwe kënnen, dass d'Interviewe richteg geréiert goufen.

D'Finalitéit vum Traitement besteet dran, dës Ëmfro duerchzeféieren, fir d'Mobilitéitsverhale vun de Frontaliere besser ze verstoen an hir Besoinen an Erwaardungen ze ermëttelen. D'Analys vun deenen am Kader vun dëser Ëmfro gesammelten Informatiounen ass vu wesentlecher Bedeitung fir d'Planifikatioun vun zukünftege Moossname fir d'Verbesserung vun der Mobilitéit am Groussherzogtum Lëtzebuerg an an der Groussregioun.

## 7. Wat ass d'Rechtsgrondlag vum Traitement vun de perséinlechen Donnéeën?

Den Traitement vun de perséinlechen Donnéeën, déi mat dëser Etüd verbonne sinn, ass esou wäit rechtméisseg, wéi e fir d'Ausféierung vun enger vun den Aufgaben am ëffentlechen Interessi vum Ministère (Artikel 6, Paragraf 1, Punkt e) vum Allgemengen Dateschutzreglement (Règlement général sur la protection des données – Europäescht Reglement (EU) 2016/679, „RGPD") noutwenneg ass.

D'Ëmfro Luxmobil 2025 Frontalieren ass néideg fir d'Aufgaben ze erfëllen, déi der Ministesch no Artikel 1 vum Gesetz vum 24. Juli 2025 iwwer den Traitement vun de Mobilitéitsdonnéeën iwwerdroe goufen. Dës Aufgabe sinn och am Reglement interne vun der Regierung virgesinn, dat duerch den Arrêté Grand-Ducal vum 27. November 2023 geneemegt gouf, a bestinn notamment an der Bestandsopnam vun de Besoinen am Beräich vun der allgemenger Verkéierspolitik an der Planifikatioun vu sämtlechen Aspekter vun der Mobilitéit.

Trotz dëser Rechtsgrondlag sinn déi ausgewielte Persounen natierlech fräi, hir Participatioun ze refuséieren.

Fir datt de LISER an de CEREMA d'Interviewen nach eng Kéier kënne lauschteren an de korrekten Ëmgang domat kënne kontrolléieren, gëtt all Participant gefrot, op en dermat averstanen ass, datt säin Interview opgeholl gëtt. E gëtt dann nëmmen opgeholl, wann de Participant dermat averstanen ass.

## 8. Wien huet Zougang zu den traitéierte perséinlechen Donnéeën?

An der Phase, an där d'Donnéeë fir d'Ëmfro gesammelt ginn, hunn de LISER an de CEREMA Zougang zu den traitéierte perséinlechen Donnéeën am Kader vun hirer Aufgab, ze kontrolléieren, ob d'Method respektéiert gouf. Si mussen d'Kohärenz vun den Donnéeën iwwerpréiwen, awer och kontrolléieren, ob de Questionnaire vun den Interviewer vun ILRES richteg agesat ginn ass, virun allem, andeems si d'Opname vun den Interviewen nach eng Kéier lauschteren.

ILRES benotzt eng Software fir d'Sammele vun den Donnéeën, déi vun der Firma NIPO Software BV, mat Sëtz op der Amsteldijk 166, 1079 LH Amsterdam, zur Verfügung gestallt gëtt. Dës Firma traitéiert Donnéeë mat deem eenzegen Zweck, Zougang zu hirer Software fir d'Sammele vun Donnéeën ze erméiglechen. ILRES gräift och op Déngschter vun engem Ubidder vu Cloud Space zréck, op deem d'Donnéeë wärend dem Traitement gespäichert ginn. Dës Déngschtleeschter, ob déi ILRES zeréckgräift, verflichten sech kontraktuell, dës Donnéeën

net fir sech selwer ze benotzen, woubäi den Zougang fir si nëmmen am Kader vun der Maintenance vun hire Servicer noutwenneg ass.

De Ministère kritt d'Donnéeën, déi vun ILRES gesammelt goufen, mee ouni datt d'Datei Familljennimm, Virnimm, Telefonsnummeren oder aner Donnéeën, mat deenen d'Participanten direkt kéinten identifizéiert ginn, enthält. Trotzdeem kann et sinn, datt opgrond vun den Donnéeën, no deenen an der Ëmfro gefrot gëtt, bestëmmte befrote Persoune wéinst hiren Äntwerte kënnen identifizéiert ginn. Dës Identifizéierung bleift a bestëmmte Fäll theoretesch méiglech, virun allem, wann een op där enger Säit d'Donnéeë vun den Deplacementer tëschent der Aarbechtsplaz an doheem, an op där anerer Säit, déi soziodemografesch Informatiounen iwwert d'befrote Persounen an hire Stot berücksichtegt. Och wann de Ministère net wäert versichen, iergendeen ze identifizéieren an dës Identifizéierung fir den Traitement net noutwenneg ass, schützt en d'Datei, déi e vun ILRES kritt, wéi eng Datei mat perséinlechen Donnéeën, an zwar bis d'Moossname fir d'vollstänneg Anonymiséierung, déi en ergräife kann, wann seng Analysen duerchgefouert sinn, ofgeschloss sinn.

Wann d'Phase fir d'Sammelen ofgeschloss ass, ginn d'Donnéeën aus der Ëmfro a pseudonymiséierter Form vum Ministère analyséiert, fir d'Ziler vum Projet ze erreechen. De Ministère kann och mat externe Partner zesummeschaffen, beispillsweis mat Fuerschungsinstituter oder Etüdebureauen, fir gemeinsam Analyse fir technesch a wëssenschaftlech Zwecker mat änlechen Ziler an ënner Beuechtung vun de gëllende Gesetzer duerchzeféieren.

### 9. Ginn d'perséinlech Donnéeën ausserhalb vun der Europäescher Unioun iwwerdroen?

D'perséinlech Donnéeë ginn net ausserhalb vun der Europäescher Unioun iwwerdroen.

### 10. Wéi laang ginn d'perséinlech Donnéeën traitéiert?

ILRES läscht all Donnéeën, déi am Kader vun dëser Ëmfro traitéiert goufen, sou séier wéi méiglech nom Ofschloss vun der Ëmfro an nodeems d'Datei mat de Resultater iwwerreecht gouf, dat heescht spéitstens bis zum 30. Juni 2026.

D'Audio-Opname vun den Interviewe gi spéitstens zwee Méint, nodeems si kreéiert goufen, geläscht.

Wéi uewen uginn ass d'Datei, déi de Ministère kritt, net vollstänneg anonym, well net ganz kann ausgeschloss ginn, datt bestëmmte befrote Persounen identifizéiert kënne ginn, wann hir Donnéeë mateneen oder mat aneren existenten Donnéeë kombinéiert ginn. All dës Donnéeën si fir déi Analyse, déi vum Ministère soll gemaach ginn, onerlässlech a kënnen dofir net vun ILRES aggregéiert ginn. De Ministère anonymiséiert déi gesammelt Donnéeë bannent engem Delai vun zwee Joer, d. h. spéitstens den 30. Juni 2028.

Ier d'Anonymiséierung vollstänneg effektiv ass, ginn d'Donnéeën net veréffentlecht; et kënnen nëmmen anonym Resultater veréffentlecht ginn.

**11. Wéi eng Rechter hutt Dir?**

All Persounen, deenen hir perséinlech Donnéeën am Kader vun der Luxmobil 2025 Frontalieren-Ëmfro traitéiert ginn, hunn déi follgend Rechter:

a) Recht op Zougang: D'Recht, Informatiounen iwwert hir traitéiert perséinlech Donnéeën ze verlaangen.

b) Recht op Berichtegung: D'Recht, d'Berichtegung vun hire perséinlechen Donnéeën ze verlaangen, wann dës sech als onrichteg erweisen.

c) Recht op Aschränkung vum Traitement: D'Recht ze verlaangen, den Traitement anzeschränken, entweder esou laang bis iwwerpréift gi kann, ob bestëmmten Donnéeë richteg sinn, oder well den Traitement onrechtméisseg oder net méi néideg ass.

d) Recht op Widderspoch: D'Recht, dem Traitement vun hire perséinlechen Donnéeën ze widderspriechen.

e) Recht op Reklamatioun bei der Kontrollautoritéit: Sollten si der Meenung sinn, datt de Ministère hir Rechter am Bezuch op den Traitement vun hire perséinlechen Donnéeën net respektéiert, kënnen d'Participanten eng Reklamatioun bei enger Kontrollautoritéit areechen.

- ✓ Fir Lëtzebuerg ass dës Kontrollinstanz d'National Dateschiutzkommissioun: https://cnpd.public.lu/en/particuliers/faire-valoir/formulaire-plainte.html.
- ✓ Fir Däitschland hänkt d'Kontrollinstanz vum Wunnsëtzland of:
  - Fir d'Saarland: https://www.datenschutz.saarland.de/online-dienste/beschwerde-kontrollanregung#c2602.
  - Fir Rheinland-Pfalz: https://www.datenschutz.rlp.de/themen/online-services/beschwerdeformular.
- ✓ Fir d'Belsch: https://www.autoriteprotectiondonnees.be/citoyen/agir/introduire-une-plainte

Well d'Rechtsgrondlag vum Traitement d'Aufgab am ëffentlechen Interessi ass, gëlle bestëmmte Rechter net: d'Recht op Läschen, d'Recht op Portabilitéit oder d'Recht op Widderruff vum Accord. Wann Dir awer gären hätt, dass d'Opnam éischter wéi zwéi Méint, nodeems si gemaach gouf, sollt geläscht ginn, kënnt Dir dat, wéi am Follgenden explizéiert, vun ILRES verlaangen.

**12. Wéi kënnen dës Rechter ausgeüübt ginn?**

Wann Dir net wëllt matmaachen, da froe mir Iech, dëst iwwer de Umeldungsformulaire matzedeelen, andeems Dir einfach 'nee' ukräizt bei der Fro, ob Dir Är Participatioun confirméiert, nodeems Dir de Participatiounscode aginn hutt, deen op Ärem Bréif steet. Wann Dir Iech iwwer de QR-Code aloggt, ass dëse Code schonn automatesch ausgefëllt.

Dir kënnt eng Demande am Bezuch op Är uewe genannte Rechter un den Dateschutzbeoptraagte vun ILRES riichten, andeems Dir e Bréif un ILRES S.A., 41, rue du Puits Romain, L-8070 Bartreng oder en E-Mail un DPO@ilres.com schéckt.

Well et sech awer ëm Donnéeën handelt, déi vun ILRES ouni Erfaasse vun der geneeër Identitéit vun der befroter Persoun gesammelt goufen, beuecht w.e.g., datt fir den Traitement vun dëser Ufro op d'mannst d'Telefonsnummer vum Participant oder säi Participatiounscode gebraucht ginn.

Et sief weiderhin drop higewisen, datt ILRES d'Donnéeën aus sengen Dateien esou séier wéi méiglech nom Enn vun der Ëmfro, also warscheinlech virum 30. Juni 2026 läscht. Dofir ass et méiglech, datt Är Donnéeën zum Zäitpunkt vun Ärer Demande schonns anonymiséiert sinn. An deem Fall verfüügt ILRES net méi iwwert Är Donnéeën an Är Demande ass géigestandslos ginn.

De Ministère wäert net versichen, d'Participanten an der Datei, déi e vun ILRES kritt, ze identifizéieren an a ville Fäll ass esou eng Identifizéierung och net méiglech, souguer, wann an der Demande zousätzlech Informatiounen ugi ginn.

Duerch Uwendung vun Artikel 11 vum RGPD ass de Ministère net verflicht, zousätzlech Informatiounen ze späicheren, ze verlaangen oder ze traitéieren, fir déi betraff Persoun ze identifizéieren, wann et nëmmen dorëms geet, dëse Reglement ze respektéieren.

An dësem Kontext kënnen déi Persounen, déi dat gären hätten, sech, nodeems ILRES d'Donnéeën aus sengen Dateie geläscht huet, direkt un den Dateschutzbeoptraagte vum Ministère wenden (tr.dpo@mmtp.etat.lu), fir déi uewe genannte Rechter auszeüben. Wann de Ministère awer noweise kann, datt en net an der Lag ass, déi Persounen ze identifizéieren, treffen déi Rechter net méi zou, et sief dann, déi betraff Persoun, stellt zousätzlech Informatiounen, mat deenen si kann identifizéiert ginn, zur Verfügung, fir hir Rechter kënnen auszeüben. Fir vill Participanten ass et also esou, datt d'Donnéeën an der Datei, déi ëm zur Verfügung steet, anonym sinn. Bei deenen aneren ass et esou, datt si hire Wunnuert an hir Aarbechtsplaz am Moment vun der Ëmfro, esou wéi hir soziodemografesch Donnéeë, missten uginn, fir datt si an der Datei kënne fonnt ginn.

Op jidder Fall kréie Persounen, déi hir Rechter ausübe wëllen, esou séier wéi méiglech eng Äntwert, a wa keng besonnesch Ëmstänn virleien, iwwer déi si dann informéiert ginn, spéitstens ee Mount nom Agang vun hirer Demande.